N°245
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës mëndlech Fro un d'Madamm Héichschoulminister weiderzeleeden.

An engem Interview mat Virgule.lu vum 31. Mäerz 2025 huet de Rekter vun der Uni Lëtzebuerg fir de Summer 2025 follgend Initiativ ugekënnegt:

*«Pour les programmes où nous avons un important déficit de parité, nous allons ouvrir le recrutement de professeurs uniquement aux femmes pendant six mois, <u>avec l'accord du gouvernement</u>. Avec cette initiative, nous voulons envoyer un vrai signal.»*

Dës Ukënnegung ass ëmsou méi verwonnerlech, wéi d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht an d'Lëtzebuerger Gläichstellungsgesetz all Form vun Diskriminéierung, an dat besonnesch bei Astellungen, verbitt an datt kee Patron e bestëmmt Geschlecht favoriséieren däerf, et sief dann, dëst Geschlecht erfëllt eng wesentlech an entscheedend berufflech Ufuerderung (z.B. beim Besetze vun enger weiblecher Theaterroll).

Zu dëser Problematik hunn ech puer Froen un d'Madamm Héchschoulministesch.

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten